

25.09.2023 - Luxembourg

Roverway 2024 Norway - Luxembourg Contingent Newsletter 2B

Léif Guiden a Scouten vu Lëtzebuerg,

Du hues dech fir den Roverway 2024 a
Norwegen ugemellt a kriss mat dëser
Newsletter nach puer nei Informatiounen.



Op ee Bléck:

Wat? Roverway 2024 – 'North of the ordinary'

Wou? Puer Deeg op verschiddene Platzen a Norwegen an de Schluss ass bei Stavanger.

Weini? 22. Juli – 01. August 2024*

***Mir wärten den 21. August 2024 a Norwegen reesen an d'Ofrees ouni Norees
ass den 2. August 2024**

Präis:

Mir hunn elo de Präis fir de Roverway elo definitiv festgeluecht. An ass folgend fir Participant an IST:

Fir Participante:

- Präis vum Camp: 825 Euro (esou vun Norwege festgeluecht)
- Transport + Fliger: 750 Euro
- Material + Administratiounskäschten a Prepa-Weekend : 210 Euro
- Norees: 950 Euro
- **Total: 1785 Euro (ouni Norees) oder 2735 Euro (mat Norees)**

Fir IST:

- Präis vum Camp: 495 Euro (esou vun Norwege festgeluecht)
- Transport Fliger: 750 Euro
- Material + Administratiounskäschten a Prepa-Weekend : 210 Euro
- Norees: 950 Euro
- **Total: 1455 Euro (ouni Norees) oder 2405 Euro (mat Norees)**

Wat	Wéini	Montant
1. Acompte*	01/11/2023	500€
2. Acompte	01/01/2024	500€
3. Acompte	01/03/2024	785€ (Participants) 455€ (IST)
Norees (optional)	01/05/2024	950€

*Den 1. Acompte ass leider net remboursabel am Fall vun enger Ofmeldung. Dëse Montant gëtt benotzt fir ons lafend Käschte vun der Umeldung a Reservatioun vum Transport ze decken. Och ass den Umeldung nëmmen definitiv wann dëse bezuelt ass.

Dir kritt an deenen nächsten Deeg eng Bestätegung an eng Rechnung geschéckt. **Bezuelte w.e.g eréischt wann dir eng Rechnung kritt hutt!** Bezuelte och w.e.g just de Montant den op der Rechnung steet an net schonns de ganze Präis beieneen.

Norees

Mir bidde fir de Roverway eng optionell Norees un. Dës ass vum **2. August 2024 bis 8. August 2024**.

D' Norees wäert a Form vun engem Interrail sinn, wou mir mam Zuch vun Oslo zréck op Lëtzebuerg fueren an ënnerwee verschidden europäesch Stied besiche ginn. Vue dass dëst ee logisteschen Opwand mat sech zitt, limitéiere mir d'Platze vun der Norees op **50 Leit**.

Umeldung fir Norees geet den 2 November um 8 Auer Moies op a leeft bis den 1 Dezember 23.59 Auer. Hei leeft et nom Prinzip „d'ei éischt si fir!“ Duerno ass et och net méi méiglech sech fir Norees unzemellen, well mir da musse Fligerticketen buchen. Falls du dech fir Norees umells an dann zu engem spéideren Zäitpunkt net méi kanns matgoen, muss du däi Retour Vol selwer buchen.

Contingent Badge

Scheckt eis är scheinsten Iddien fir eise Logo! De Lëtzebuurger Contingent sicht e Logo fir den Roverway. Hei e puer Elementer, déi am Logo sollee virkommen

- « Roverway 2020 »
- « Luxembourg » an « Norway »

Dëse Logo soll fir folgend Saache benotzt ginn:

- All méiglech Dokumenter vum Contingent
- Internetsite a sozial Netzwierker vum Contingent
- Gadжете vum Contingent

Schéckt eis är Entwurf op cmt@rw2024.sil.lu

Dir kennt eis et a Form vun engem Dokument an der bescht méiglecher Qualitéit (AI, JPEG, PNG, PDF) oder als Foto vun der Zeechnung schécken. De Gewënner krit och vun eis e spezielle Cadeau.

Hei kënnt der déi offiziell Logoe vum Roverway eroflueden:
<https://roverway.no/about/graphic-profile/>

RoverReps

Mir hunn eis 2 RoverReps fir de Roverway fonnt! Sie wäerten den direkte Kontakt zwëschen den Raro an dem CMT duerstellen, an och direkten Input kënnen un Organisateuren a Norwege weiderginn:

- Sacha Fourage vun der FNEL
- Daniel Cabeça vun den LGS

Kontakter vum Lëtzebuurger Contingent:

Weider Informatiounen vum Contingent (Neiegkeeten, Dokumenter, FAQ, etc.) a vum Roverway sinn op eisem Internetsite disponibel: [Internetsite](#)

info@rw2024.sil.lu | [Facebook](#) | [Instagram](#)

Mat de beschten Guiden- a Scoutsgréiss,

Fir de Lëtzebuurger Contingent,
Jennifer, Bruno a Steven